N°7596
Entrée le 14.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 14.02.2023

adr

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Ministère de l'Agri... de la Viticulture et du Développement rural
Référence: 97/23
15 FEV. 2023
A traiter par:
Copie à:

Tratten, de 14. Februar 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

2022 gouf d'Veterinärs-Administratioun (Adm. des Services Vétérianires) mat der Administratioun vun der "sécurité alimentaire" zesummegeluecht. Dës nei geschafen Administratioun, déi elo méi Kompetenze regroupéiert, soll elo op eng méi effizient Manéier d'Sécherheet vun der gesamter Liwwerkette vun der Liewensmëttelproduktioun garantéieren. An deem Kader krut déi nei geschafen Admininstratioun och en neie Déngschtsigel, deen elo op allen offizielle Formulairë vun där Administratioun ze fannen ass.

Opfälleg ass an deem Kontext, datt beim neien Déngschtsigel elo net méi, wéi virdrun, de Léif als nationaalt Symbol ze fannen ass. Dësen huet sech virdrun - an der Mëtt zentraliséiert - op all Déngschtsigel erëmfonnt. Elo awer gestallt sech den Déngschtsigel esou, datt de Léif an der Mëtt erausgeholl gouf, ouni duerch eppes aneres ersat ze ginn, wouduerch den Déngschtsigel elo an der Mëtt “plakeg” wierkt. Et sief dozou ugemierkt, datt och déi meescht Déngschtsigelen an eisen Nopeschlänner mat engem nationale Symbol gekennzeechent sinn, z.B. an Däitschland, wou de Wope vum jeeweilege Bundesland op den Déngschtsigelen ze fannen ass.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un de Landwirtschaftsministère:

1. Hat de Landwirtschaftsminister bis elo Kenntnis dovun, datt de Léif als nationaalt Symbol aus dem Déngschtsigel vun där genannter Verwaltung gestrach gouf, respektiv, gouf de Minister iwwer dës Demarche informéiert?
2. Wat war an deem Kontext d'Motivatioun dofir, de Léif aus dem Déngschtsigel ze sträichen a wéi eng Ausso(en) ass/sinn domat verbonnen?
3. Sinn an deem Kontext zousätzlech Bestriewunge vun der Regierung geplangt, fir de Léif als nationaalt Symbol aus weideren offiziellen Dokumenter, Sigelen, Déngschtsigelen a weidere representative Formulaire vu staatlechen Organer erauszehuelen? Wa jo, wat ass d'Motivatioun heifir?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR - Groupe parlementaire 25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg Tel.: (+ 352) 463742

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung a vum Staatsminister op d'parlamentaresch Fro n°7596 vum éierbaren Deputéierten Jeff Engelen**

1. **Hat de Landwirtschaftsminister bis elo Kenntnis dovun, datt de Léiw als nationaalt Symbol aus dem Déngschtsigel vun där genannter Verwaltung gestrach gouf respektiv gouf de Minister iwwer dës Démarche informéiert?**

2. **Wat war an deem Kontext d'Motivatioun dofir, de Léiw aus dem Déngschtsigel ze sträichen, a wéi eng Ausso(en) ass/sinn domat verbonnen?**

   Bedéngt duerch d'Grënnung vun der neier lëtzebuerger Veterinär- a Liewensmëttelverwaltung (ALVA) huet des Verwaltung op all hiren offiziellen an Aarbechtsdokumenter souwéi och op den Déngschtsigelen des nei Denominatioun iwwerholl.

   Laut Charte graphique vun der Regierung däerfe Ministèren, Administratiounen a staatlech Servicer de Léiw eleng net an engem ronne Stempel gebrauchen.

3. **Sinn an deem Kontext zousätzlech Bestriewunge vun der Regierung geplangt, fir de Léiw als nationaalt Symbol aus weideren offiziellen Dokumenter, Sigelen, Déngschtsigelen a weidere representative Formulaire vu staatlechen Organer erauszehuelen? Wa jo, wat ass d' Motivatioun heifir?**

   Neen.

Lëtzebuerg, den 2. Mäerz 2023

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN